*Léon RATHS*

# 150 Joër Onofhängegkeet (1839-1989) am Kontext vun der dausendjähreger Geschicht vum Lëtzebuerger Land

## 3. Deel : D'Evenementer an „d'lëtzebuerger Fro" nom éischte Weltkrich

Nach nie stongen den Troun vun der jonker lëtzebuerger Dynastie, a mat dem Troun och eis Onofhängegkeet, op esou wackelege Féiss, wéi grad an deenen éischte Wochen a Méint nom éischte Weltkrich!

E Grupp vu francophilen Intellektuellen hat sech de franséische Schrëftsteller Maurice Barrès erausgesicht, fir an der Press zu Paräis fir eng Annexioun vu Lëtzebuerg u Frankräich zu plädéieren.

Een anere Grupp vu liberale Politiker wollt eng Réunificatioun mat der belscher Provënz Lëtzebuerg oder awer eng Personalunioun mat Belgien. Bréissel selwer huet vehement fir eng Annexioun vum Grand-Duché u Belgie geschafft, well schon 1916 haten d'Franzousen de Belsch Lëtzebuerg versprach!

Schlussendlech gouf et ee Grupp dee versicht huet, duerch eng Rebellioun d'Republik auszeruffen an och de 9. an den 10. Januar 1919 ausgeruff huet!

Schon um Virowend vum Armistice, et war den 10. November 1918, huet een "Aarbechter- a Bauererot" gefuerdert, d'Grande-Duchesse misst ofdanken an d'Republik ausgeruff gin !

Mat 28 géint 20 Stëmmen huet den 12. November d'Chamber et ofgeleent fir ee Referendum iwwert d'Dynastie ofzehalen a sech, mat 21 géint 19 Stëmmen, dogéint ausgesprach, datt d'Grande-Duchesse Marie-Adelheid ofdanke sollt.

Am Dezember sin am ganze Land Plakaten opgehaange gin, déi d'Ofdankung vun der Grande-Duchesse gefuerdert hun.

Op Uroden a Vermëttlung vum Maréchal Foch (dee jo säi Quartier général zu Lëtzebuerg hat), sin dun den 19. Dezember de Staatsminister Emile Reuter an d'Ministeren A. Liesch an N. Welter mat der Missioun, bei der Regierung Clemenceau fir eis Onofhängegkeet ze plädéieren, op Paräis gefuer. : 1

Si krute ganz sec matgedeelt d'Onofhängegkeet sténg nët um Spill, ma d'Grande-Duchesse misst ofdanken.

D'Regierungsdelegatioun (et waren ëmmerhin 3/5 vun der deemoleger Regierung) huet eng Audienz bei der franséischer Regierung ugefrot, ma de franséischen Ausseminister Pichon huet de 27. Dezember eise Regierungsvertrieder déclaréiert, d'franséisch Regierung kënnt d'letzebuerger Ministeren an hirer Qualitéit als Regierungsmemberen vun der Grande-Duchesse Marie-Adelheid nët empfänken. D'franséisch Regierung hat ee schlecht Gewëssen well d'Franzouse jo schon 1916 de Grand-Duché de Belsch versprach haten!

Domat war d'Schicksal vun der Grande-Duchesse Marie-Adelheid besigelt!

D'Regierung huet démissionéiert awer spéider d'Démissioun erëm zréckgeholl.

D'Fräiwëllege Kompanie huet gemeutert an hir Offizéier fortgejot. D'Revolte war vum Feldwebel E. Eiffes ugestiwwelt a geféiert gin. Nodeem datt d'Offizéier fortgejot waren, hun d'Zaldoten de Feldwebel Eiffes zu hirem Chef gemaach. Eng vun hire grousse Fuerderunge war d'Ofdankung vun der Grande-Duchesse an d'Ausruffe vun der Republik. An der Chamber ass alles bonsënne bonsuewe gaang.

Den 9. Januar 1919 war eng grouss republikanesch Demonstratioun um Knuedler. D'Demonstranten sin an d'Chamber marschéiert an hu vun der Tribün erof versicht fir mat ze diskutéieren. De Chamberpresident ass d'Situatioun nët méi meeschter gin an huet d'Sitzung ënnerbrach. Wéi d'Sitzung ënnerbrach war, huet d'Oppositioun (Sozialisten a Lénksliberaler) versicht eng nei provisoresch Regierung op d'Been ze kréien. An der Kasär hun d'Zaldoten drop gewart fir der neier republikanescher Regierung ënnerdéngeg ze sin.

Virun der Chamber ass de Mënschenoplaaf ëmmer méi grouss gin an huet mat Ongedold op d'Nimm vun der neier Regierung gewart.

D'franséischt Militär huet nët agegraff ma huet d'Demonstranten encadréiert.

D'Lénksparteien si sech nët esou séier eens gin a kruten nët direkt eng nei Regierung op d’Been.

Am Duerchenaner huet irgendee Mënsch vun der Trap vum Chambergebäi erof d 'Republik ausgeruff, wat mat groussem Gebrëlls vun den Demonstranten quittéiert gouf.

Fir 48 Stonne war Lëtzebuerg eng Republik well op Drock vun der Regierung d’Grande-Duchesse an der Nuecht vum 8. op den 9. Januar ofgedankt hat.

Am Chambergebai gouf een „öffentleche Wohlfahrtsausschuss“ op d’Bee gesaat deen den aneren Dag déi nei provisoresch republikanesch Regierung forméiere sollt.

D'Militärmusék ass opmarschéiert an ënner dem Drock vum Feldwebel Eiffes gouf een Opruff vum "Wohlfahrtsausschuss" vum Kiosk op der Plëss erof un d'Vollek verlies. An dësem Opruff huet de "Wohlfahrtsausschuss" sech fir eng Republik ausgesprach. Ma an der Déclaratioun ass awer gemengt gin, dat kënnt nëmmen iwwer eng gewielt Nationalversammlung geschéien.

De Mënschenoplaaf huet d'Déclaratioun vum "Wohlfahrtsausschuss" ausgepaff a wollt op der Plaz eng Republik hun! Deen éischte "Wohlfahrtsausschuss" war futsch.

De Feldwebel Eiffes huet nit opgin. Op der Plaz gouf een "Zaldoten- a Biergerrot" gebuer, deen déi nei Regierung ernenne sollt.

Den „Zaldoten- a Biergerrot“ huet iwwer Nuecht an der Chamber geschafft an den 10. Januar eng provisoresch republikanesch Regierung, déi sech "Comité du Salut public" genannt huet, virgestallt an déi huet dann och direkt eng Proklamatioun un d'Vollék geriicht. (cf nächst Säit) Et war eng zimlech onroueg Nuecht ! Muerges gouf d'Lëtzebuerger Wort beschlagnahmt.

Well kee méi do war fir Uerdnung a Secherheet ze suergen, huet d'franséischt Militär agegraff an de Palais, d'Regierungsgebai, d'Post an d'Spuerkeess besat a bewuecht.

Esou koum et, datt déi nei provisoresch Regierung nët an d'Regierungsgebai era koum fir dem Staatsminister ze mellen, datt déi aal Regierung ofgesat wär, an "d'Vollék" eng nei Regierung agesat hätt.

Och eng grouss Massendemonstratioun déi de Feldwebel Eiffes Freides, den 10. Januar am Kasärenhaff organiséiert hat, gouf vum franséische Militär verhënnert.

An domat war och déi nei Republik geplatzt an dat mat der Hëllef vun Zaldoten aus der Republik Frankräich, d.h. der éischter Republik op der Welt iwwerhapt. Mat deem Agrëff war eis Dynastie gerett! An dat huet virun allem d'belsch Regierung nët richteg verquëst an dës Affär huet een diplomatescht Nospill kritt!

Den Agrëff vum franséische Militär gouf herno, op internationalem Plang, als Amëschung an d'Ugeléenheete vu Lëtzebuerg ausgeluecht, wat dem Generol de la Tour, Chef vun de franséischen Truppen an der Stad, de Poste kascht huet.

D'Regierung Reuter huet d'Fräiwëllige Kompanie opgeléist an de Feldwebel Eiffes huet sech an d'Ausland ofgesat. Spéider koum en op Lëtzebuerg zréck an en huet säi Liewen als Handels-vertrieder gemaach. En ass 1974 am Alter vun 90 Joër gestuerwen

Zur Eier vun de Gendarme muss gesot gin, datt si och Fuerderungen un d'Regierung gestallt hun, de Gendarmerie-Corps sech awer als eenn Deel vun der „Force Armée“ den 10. Januar duerch eng Déclaratioun vun der Rebellioun vun der Fräiwellege Kompanie a vum Ausruffe vun der Republik distanzéiert huet.

De Staatsminister Emile Reuter hat d'Staatsgewalt erëm richteg am Grëff an d'Chamber huet och gläich erëm richteg funktionnéiert.

D'Grande-Duchesse Marie-Adelheid huet nodeem si de Rapport iwwert den Echec vun der Regierungsdelegatioun zu Paräis kritt hat, un d'Demissioun geduecht.

Duerch ee Schreiwes vum 9. Januar huet si der Chamber hir Demissioun matgedeelt an déclaréiert, datt si op kee Fall dem lëtzebuerger Vollék beim Opbau vun enger neier wirtschaftlicher Zukonft mat engem Nopeschland an de Féiss stoë wëllt.

Dës Deklaratioun gouf vum Staatsminister Reuter an der Sitzung vum 14. Januar 1919 an der Chamber virgelies.

Den 28. Januar vun deem selwechte,Joër huet déi ofgedankte Grande-Duchesse Lëtzebuerg verlooss an ass de 24. September zu Modena an d’Klouschter vun de Karmeliterinnen agetratt,.

Dat strengt Klouschterliewen huet eis Prinzessin nët verdroen. Sie krut eng nei Missioun als Krankeschwëster. zougewissen, ma si ass selwer krank gin an no laanger Krankheet ass d'Groussherzogin Marie-Adelheid de 24. Januar 1924, am Alter vun 29 Joër, um Schlass zu Hohenburg a Bayern gestuerwen, wou si dann och bäigesat gouf.

Am Oktober 1947 gouf d'Marie-Adelheid heem op Lëtzebuerg geholl, a gouf an der Krypta vun der Kathedral bäigesat.

Wéi et sech drëm gedréint huet fir an der Chamber eng Delegatioun ze nennen fir d'Grande-Duchesse Charlotte ze vereedegen, ass de Parteiesträit ëm d’Dynastie erëm voll a ganz lassgaang.

Et war besonnesch déi liberal Fraktioun, an un hirer Spëtzt d’Deputéierte Brasseur a Maurice Pescatore, déi vehement géint d’Dynastie plädéiert hun.

D' Delegatioun gouf duerch d' Louss bestëmmt . Ausser dem Chamberpresident sollten nach d'Hären Delaporte, Schmitz, Huss a Pescatore(!) Member vun deser Delegatioun sin.

De liberalen Deputéierten Pescatore huet ofgesot mat der Begrënnung d'Dynastie wär eng Gefoor fir eist Land, an en huet déclaréiert hie géif nëmmen untrieden, wann et drëm géng goën fir dee ganze „preisesche Buttik“ aus dem Land ze joën!

De 15. Januar 1919, nomëttes em 4 Auer, gouf d'Grande-Duchesse Charlotte virun dem Chamberpresident Altwies an den Députéierten Delaporte, Huss, Petges a Schmitz am Schlass zu Bierg vereedegt.

No der Vereedegung huet d'Grande-Duchesse dës Wierder un d'Chamberdelegatioun qeriicht :

*"Je suis fière du serment que je viens de prêter entre les mains des délégués de la Chambre luxembourgeoise. J'interprète mon serment en ce sens, que je placerai l'intérêt du Peuple luxembourgeois au-dessus de toutes choses, que je veux vivre de sa vie en partageant ses joies et ses peines.*

*Je désire collaborer avec le Peuple luxembourgeois pour fortifier les liens d'amitié qui doivent exister entre lui et les Puissances de l'Entente auxquelles le Luxembourg doit associer sa vie économique. Je souhaite que cette union marque pour le Pays l'ouverture d'une ère de prospérité et de bonheur moral et matériel."*

Den 18. Januar 1919 huet d'Grande-Duchesse sech mat enger Proklamatioun un d'Vollék geriicht. An dëser Proklamatioun huet si versicht fir dem Land déi grouss Linn vun hirer Politik z'erklären. (cf. nächst Säit)

D'Grande-Duchesse Charlotte hat nët zevill versprach. Enner hirer Herrschaft ass de Parteiesträit ëm d'Dynastie lues a lues verschwonnen.

Nodeems Lëtzebuerg aus dem däitschen Zollverein ausgetratt war, huet eis Wirtschaft missen ëmorientéiert gin.

Ma dat war nach laang nët esou einfach. Wann och zu Lëtzebuerg d'Meenung war, d'Land misst elo wirtschaftlech u Frankräich ugeschloss gin, da waren d'Franzousen awer der Meenung, d'allgemeng Situatioun géif et nach net erlaben fir an däer Ugeléenheet Bespriechungen opzehuelen.

Tatsächlech war bei den Entente-Länner an der Zwëschenzäit "d'Lëtzebuerger Fro" entstan.

Et war haptsächlech Belgien wat sech fir de Grand-Duché intresséiert huet. Belgien wollt d'Séparatioun vun 1839, mat Hëllef vu Frankräich, erëm réckgängeg man. Ma dobäi huet d'Dynastie gehënnert. D'Dynastie sollt vu Lëtzebuerg selwer liquidéiert gin. Et koum esouguer eng belsch Zeitung hei zu Lëtzebuerg eraus déi sech "LE LUXEMBOURG" genannt an offe Reklam fir Belgie gemaach huet. Eng Partie lëtzebuerger Députéierten hun dobäi Handlanger-Déngschter geleescht.

D'Demande vun eisem Land fir an de Völkerbond opgeholl ze gin as ouni Äntwert bliwwen!

**D'Proklamatioun vun der Grande-Duchesse Charlotte:**

La Couronne du Grand-Duché de Luxembourg M'est échue à un des moments les plus critiques de notre histoire nationale. Je l’accepte parce que j'estime qu'il est de Mon devoir, de conserver intact le dépôt de nos institutions publiques que le peuple luxembourgeois a considerées jusqu’ici comme une garantie de son indépendance et de son avenir. Le Luxembourg se dispose à renover les bases de sa vie économique, à conclure des alliances qui assureront sa prospérité et lui ouvriront une ère nouvelle de progrès moral et matériel. Je tâcherai, quant à Moi, de resserrer et de fortifier les liens qui seront noués entre le Grand-Duché et les Puissances de l'Entente. Nos relations internationales devront reposer sur l'amitié franche et cordiale qui unit le peuple luxembourgeois aux nations alliées et sur la conviance réciproque qui sera le fruit de cette amitié. Au moment où le Grand-Duché opère cette orientation nouvelle de ses destinées, Je ne puis M'empêcher d'exprimer au nom du peuple luxembourgeois et en Mon nom nos sentiments de profonde gratitude pour la délivrance que les armées victorieuses nous ont apportée à l'heure du danger suprême. C'est grâce à leur irrésistible élan que le Luxembourg a été libéré du joug que l’envahisseur étranger avait fait peser sur nous malgré les traités solennellement jurés. Notre reconnaissance se double d'une émotion intense à la pensée des fils de la terre luxembourgeoise qui ont lutté sous les drapeaux des Puissances Alliées. Je suis heureuse de M'associer à l'hommage rendu par la Chambre des Députés à nos vaillants compatriotes qui, en versant leur sang pour l'honneur de leur patrie adoptive, ont contribué à rétablir et à assurer l'indépendance de leur petite patrie natale. Tous Mes efforts tendront à remplir scrupuleusement Mes devoirs de Souverain luxembourgeois. Notre peuple a toujours eu, avec l'amour de ses traditions nationales, le culte de la Justice et de la Liberté. J'accomplirai Ma haute mission dans le même esprit. Ma ligne de conduite dans l'exercice du pouvoir suprême est tracée par la Constitution et les lois du pays; le Gouvernement investi de la confiance de la nation me servira de guide et de conseiller. La réforme démocratique de notre pacte fondamental que l'assemblée constituante se dispose à réaliser trouvera Mon entière approbation. Je vivrai la vie de Mon peuple dont je ne veux être séparée par aucune barrière. Je partagerai ses joies et ses souffrances. Miraculeusement préservée des horreurs de la guerre, notre petite patrie désire continuer son existence autonome dans la grande famille des nations au soleil de la liberté nouvelle. Luxembourgeoise de coeur et d'âme, Je considérerai comme Mon plus beau titre de gloire de pouvoir, contribuer à la réalisation de se voeu national.

Den 12. Mäerz 1919 huet d'Chamber mat 30 géint 20 Stëmme beschloss, ee Referendum iwwer déi zoukënfteg Staatsform ofzehalen. D'Onofhängegkeet vum Land stong fir d'Majoritéit an der Chamber ni zur Diskussioun.

Géint de Referendum hun d'Sozialisten an déi Liberal gestëmmt !

Duerch een Arrêté grand-ducal vum 10. Abrëll 1919 gouf de Referendum op de 4. Mee festgesat.

Ma schon de 16. Abrëll krut Lëtzebuerg vun der Friddenskonferenz matgedeelt, de Referendum misst bis nom Ofschloss vum Friddensvertrag ausgesat gin. Et war dat ee leschte Versuch vun der belscher Regierung fir eist Land dach nach z'annektéieren.

Dat war een ongeheierlechen Agrëff an eis Fräiheet. An dat gouf och esou vum Vollék verstan. D'Vollék huet ripostéiert. Eng grouss patriotesch Manifestatioun war d'Äntwert. Dës Manifestatioun gouf Sonndeg de 27. Abrëll an der Stad afgehalen, a stong ënner dem Motto "Lëtzebuerg de Lëtzebuerger".

Och d'Regierung war mat dem Agrëff vun de Groussmächten an eis Souveränitéit nët d'accord.

A sénger grousser Nout huet du, an engem Schreiwes vum 6. Mee, de Staatsminister Emile Reuter sech direkt un d'Regierungschefen Clemenceau (Frankräich), Wilson (Amerika), Lloyd George (England) an Orlando (Italien) adresséiert.

An dësem Schreiwes huet de Staatsminister un dat sakrosant "Selbstbestimmungsrecht" och fir dat klengste Land erënnert (ee vun de Grondfuerderonge vum amerikanesche President Wilson, op déi de Fridden an der Welt opgebaut sollt gin).

A kuckelei, den amerikanesche President Wilson a Persoun huet geäntwert a matgedeelt de Rot vun de Groussmächten wär bereet mat enger lëtzebuerger Delegatioun iwwert d'Problemer vum lëtzebuerger Land ze diskutéieren.

A scho gong de Kaméidi an der Chamber erëm lass wien eist Land an der Delegatioun vertriede sollt.

Schlussendlech war d'Chamber mat 43 Stëmmen (et haten sech zwee Députéierten enthalen) domat d'accord, datt de Staatsminister E. Reuter, de Minister Nic. Welter an déi Häre Leclère a Lefort aus dem Staatsrot, mat deene mächtechste Männer vun der Welt iwwert d'Schicksal vu Lëtzebuerg berode sollten.

Den 28. Mee as d'lëtzebuerger Delegatioun am Wilson sénger Résidenz zu Paräis vun den Häre Wilson, Clemenceau, Lloyd George an Orlando empfaange gin. De belschen Ausseminister Hymans soutz als fënneften an der Ronn an huet nogelauschtert. Säi Gesiicht ass ëmmer mi laang gin!

De Clemenceau („le tigre“) wéi d'Franzousen deen 80-jährige Staatsmann genannt hun) huet d'Verhandlunge geféiert, an de Staatsminister Reuter war de "Porte-parole" vun der lëtzebuerger Delegatioun. D'Audienz huet iwwert zwou Stonne gedauert.

Am Laaf vun de Verhandlungen huet de Ministerpresident Clemenceau versëchert, d'Onofhängegkeet vum Lëtzebuerger Land sténg nët zur Diskussioun, ma hien huet nach eng Kéier gefuerdert de Referendum misst bis no der Friddenskonferenz ausgesat gin.

Den Här Reuter huet matgedeelt, d'Chamber zu Lëtzebuerg wär mat der Fuerderung d'accord.

An den Artikelen 40 an 41 vum Versailler Friddensvertrag goufen d'Problemer vun der "lëtzebuerger Fro" ventiléiert.

Op der ganzer Linn war d'Joër 1919 fir déi politesch Entwécklung vun eisem Land vu grousser Bedeitung : Eng vun de wichtegsten Décisiounen aus deem Joër ass dat neit Wahlgesetz !

No laangen Débatten huet d'Chamber (déi 1919 eng „Constituante“ war) den 8. Mee d'Verfassung geännert. Mat 33 géint 11 Stëmmen (dogéint haten déi Liberal gestëmmt) huet d'Chamber dat allgemengt Wahlrecht fir Männer a Fraen ageféiert. Gläichzäiteg goufen déi politesch Rechter vum Troun zréckgeschnidden, an nei an der Verfassung festgeluegt.

Elo eréischt war Lëtzebuerg eng richteg Demokratie gin. Bis dohin war ee groussen Deel vum Vollék vun de Wahlen ausgeschloss, an dat waren nët nëmmen d'Fraen ! D'Recht fir ze wielen haten nëmmen déi Bierger, déi eng bestëmmt Zomm Steiere bezuelt hun, dat heescht, si sin opgrond vum sougenannten "Wahlzensus" zougelooss gin fir wielen ze goen, (1892 gouf de "Wahlzensus" vun 30,- op 15,- F, an 1901 op 10,- F erofgesat, an domat ware jhust 7,5 % vun der Populatioun an der Chamber vertrueden !)

Sonndes, den 28. September 1919 krut dun endlech d'lëtzebuerger Vollék d'Geleenheet fir seng Meenung iwwer d’Fro vu Republik oder Monarchie, iwwer d'Dynastie an iwwer seng wirtschaftlech Orientatioun (Frankräich oder Belgien) ze soen. Dat war deen éischte Referendum, deen eist Land erliewt huet.

Opgrond vun deem neie Wahlgesetz waren 125.775 Wieler (Fraen a Männer, déi groussjähreg, d.h. 21 Joër al waren) opgeruff, sech op eng demokratesch Manéier auszespriechen, wei d'Zukunft vum Land sollt ausgesin.

De gesonde Mënscheverstand war meeschter gin !

90.984 Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger hu vun hirem Stëmmrecht gebrauch gemaach.

Nom Ausziele vun de Stëmmziedelen huet d'Resultat vum politesche Referendum folgendermoossen ausgesin:

| | |
|---|---|
| Valabel Stëmmziedelen : | 85.871 |
| | |
| Fir d'Grande-Duchesse Charlotte: | 66.811 Stëmmen |
| Fir d'Republik : | 16.885 Stëmmen |
| Fir eng aner Grande-Duchesse: | 1.286 Stëmmen |
| Fir eng aner Dynastie: | 883 Stëmmen |

Dat war eng kloer an däitlech Sprooch !

An hei d'Resultat vum wirtschaftleche Reterendum :

| | |
|---|---|
| Valabel Stëmmziedelen: | 82.375 |
| | |
| Fir Frankräich : | 60.133 Stëmmen |
| Fir Belgien : | 22.242 Stëmmen |

Domat hat Belgien nët gerechent. D'belsch Regierung war rosen, an huet d'diplomatesch Relatioune mat dem Grand-Duché afgebrach. Dem Prince de Ligne séng Missioun, fir zesumme mat der Regierung "d'Union économique" auszehandelen, war domat um Enn.

De Sträit ëm d'Dynastie as eng leschte Kéier an der Chamber opgeflamt, wéi d'Grande-Duchesse Charlotte mat dem Prënz Félix vu Bourbon-Parma bestued gouf, an de Prënz de 4. November 1919 duerch ee Gesetz naturaliséiert sollt gin.

De Prënz Félix war zu Schwarzau an Eisterräich gebuer, an am 1. Weltkrich Offizéier an der éisterräichescher Arméi. Säi Papp Robert (de leschten Herzog vu Parma) war zweemol bestued an en hat 24 Kanner: 12 vun der éischter Fra, an 12 vun der zweeter Fra. De Prënz Felix war dat 6. Kand vun der zweeter Fra. Dem Herzog Robert seng zweet Fra war eng Schwester vun der Groussherzogin Marie-Anne vu Lëtzebuerg. Esou koum et, datt de Prënz Felix de rechte Koseng vu senger Freiesch war.

Well d'Brautleit am 4. Grad matenaner familje waren, hu se missen zu Roum Dispens ufroen.

Et huet d'Chamber nët dérangéiert, datt d'Grande-Duchesse hire Koseng wollt bestueden, ma et huet d'Oppositionsparteien dérangéiert, datt de Prënz Félix am Krich déi verkéiert Uniform unhat, an dobei och nach de Schwoër vum Karel I, dem leschte Keeser a Kinnek vun der Duebelmonarchie Eisterräich/Ungarn war. ( Dem Prënz Felix seng Schwëster, d'Keeserin Zitha, as am héichen Alter vu 96 Joër dëst Joër gestuerwen, a mat groussem Pomp zu Wien an der Gruft vun den Habsburger bäigesat gin.) Iwwert dem Prënz Felix seng Roll an der éisterräichescher Arméi war eng regelrecht an heftig Polemik entstan.

D'Debatten an der Chamber hu ganz héich Welle geschloen a schlussendlech ass de Prënz Felix mat 25 géint 21 Stëmmen naturaliséiert gin. Dat war eng ganz knapp Majoritéit !

De 5. November 1919 huet d'Grande-Duchesse hire Koseng duerch een Arrêté grand-ducal an de lëtzebuerger Adelsstand erhuewen mat dem Recht den Titel "Prince de Luxembourg" ze droen.

De 6. November ass dat jongt Puer feierlech an der Kathed zu Lëtzebuerg bestued gin, an de 5. Januar 1921 gouf de Prënz Jhang um Schlass zu Bierg gebuer. Aus dësem Bestiednes sin nach 5 Prënzekanner nokomm.

D'Entente-Länner England, Frankräich an Italien haten nom Krich d'Relatiounen mat eiser Dynastie, an domat mat eisem Land mat der Begrënnung ofgebrach, d'Grande-Duchesse Marie-Adelheid wär am Krich zevill däitschfrëndlech gewiescht (wat a Wiirklechkeet awer nët de Fall war).

Bei der Geléenheet vum Bestiednes vun der Grande-Duchesse Charlotte huet den englesche Kinnek dem jonke Brautpuer vill Gléck gewënscht an d'englesch Regierung huet wësse geloss, datt England d'Grande-Duchesse Charlotte ging unerkennen an domat erëm diplomatesch Relatiounen mat Lëtzebuerg ging ophuelen.

De 15. Januar 1920 as d'Grande-Duchesse Charlotte zu Didenhuewen vum franséische Staatspresident Raymond Poincaré mat militäreschen Éiren empfaange gin, wat de facto eng Unerkennung vun der neier Grande-Duchesse war. Dat huet mat sech bruecht, datt Frankräich, a spéider och Italien, erëm diplomatesch Relatioune mat Lëtzehuerg opgeholl hun.

De 16. Dezember vun deemselwechte Joër huet de Völkerbund zu Genf et du fir richteg fonnt Lëtzebuerg an de Bond vun deene fräie Natiounen opzehuelen.

Domat huet eist Land nët nëmmen eng international Unerkennong fonnt, ma dat war och den definitive Schlusspunkt vun deem traurege Kapitel vun der "lëtzebuerger Fro", déi op der Friddenskonferenz zu Versailles fir esou vill Opregung tëschent den Entente-Länner a Belgien gesuergt hat.

Datt d'Vollék, opgrond vum Referendum vum 28. September 1919, onbedingt wirtschaftlech Relationen mat Frankräich wollt ophuelen, huet nët nëmmen der belscher Regierung nët gefall, ma och de Fransousen war dee Wonsch nët kamoud.

Eis Regierung krut matgedeelt, si soll sech an der Ugeleenheet mat der belscher Regierung ënnerhalen. Esou koum et, datt d'Relatiounë mat Belgien erëm opgeholl goufen, an de 25. Juli 1921 eng Conventioun iwwer "d'Union Economique Belgo-Luxembourgeoise" ënnerschriwwe gouf. Ma eis Chamber war nët esou séier mat der Conventioun d'accord. No laangen an haarden Debatten gouf dës Conventioun eréischt de 5. März 1922 vun der Chamber ratifizéiert !

Ma dat hat awer nët verhënnert, datt d'Fransousen an der Zwëschenzäit d'Eisebunn schon iwwerholl haten.

"D'Wilhelm-Luxemburg-Bahnen" sin un dat lothréngescht Netz ugeschloss gin a goufen a "Guillaume-Luxembourg" ëmgedeeft. De Sëtz an d'Direktioun vun der neier Gesellschaft war zu Metz.

Déi nei Gesellschaft huet de Benefice agestach, d'Pensiounen an d'Renten awer weider a Marken (déi näischt méi wert waren) ausbezuelt. Dat huet an deene Kreesser zu Armut an Onzefriddenheet geféiert an d'Regierung gouf erëm virun een neie Problem gestallt.

D'Union économique belgo-luxembourgeoise huet fir eist Land d'Währungsunioun mat Belgien bruecht, an déi huet och nët ëmmer richteg geklappt. Dat as schon an der Mëtt vun deenen dresseger Joeren ugaang, wéi de belsche Frang entwäert, de lëtzebuerger Frang awer nët entwäert gouf. Esou war an all Geschäft ugeschloen: 1 franc luxembourgeois = 1,25 franc belge !

Nach virun en etlech Joër hun d'Belsch et fäerdeg bruecht fir iwwer Nuecht de belsche Frang fatzeg z'entwerten, ouni eis Regierung z'avertéieren oder ze consultéieren. Eis Industrie, eis Wirtschaft, awer och dee klenge Spuerer, huet déi Dévaluatioun schwéier getraff. Duerno huet laang Zäit ee Placement mat dem lëtzebuerger Frang méi Zënsen abruecht wéi mat belsche Frang !

Drolegerweis ass haut, no bal 70 Joër "Union Economique", nach ëmmer nët Belgien eisen 1. Handelspartner, ma et as erem Däitschland, deem Lëtzebuerg direkt nom 1. Weltkrich den Zollveräin gekënnigt hat.

Et bleiwt nozedroen, datt nodeem d'Regierungsdelegatioun den 26. Dezember 1918 keng Audienz bei der franséischer Regierung kritt hat, den 30. Dezember ee Krounrot op d'Bee gesaat gouf ( de Chamberpresident an de Staatsroot), fir iwwertdéi nei Situatioun ze beroden. Bei der Geleenheet gouf beschloss fir ee Schreiwes un d'Entente-Länner z'adresséieren. An deem Schreiwes gouf deene Länner, déi de Krich gewonnen haaten matgedeelt, datt:

- d'Regierung Däitschland d'Kontrakter iwwert den Zollveräin an d'Eisebunn gekënnigt hätt

- d'lëtzebuerger Land gär geng Verhandlunge mat den Entente-Länner ophuele fir nei wirtschaftlich Relatioune mat engem vun deene Länner opzehuelen.

- d'Regierung d'Onafhängegkeet vum Land ënnert déi héich Protectioun vun den Entente-Länner ging stellen.

D'Fransousen hun deemols geäntwert, et wär nach ze fréi fir esou Verhandlungen opzehuelen.

Ee besonnescht Kapitel vum 1. Weltkrich waren déi vill Lëtzebuerger, déi sech fräiwëlleg an d'Friemelegioun gemellt haten. Virum éischte Weltkrich war et hei zu Lëtzebuerg de Gebrauch, datt déi jonk Handwierker als Ofschloss vun hirer Léier, den „Tour de France" gemaach hun, nët nëmme fir sech weider am Handwierk ze forméieren, ma och fir "d'Sprooch" ze léieren.

Wéi den 1. Weltkrich am August 1914 ausgebrach ass, hun déi jonk Leit sech praktisch alleguer spontan an d'Friemelegioun gemellt.

Iwwer 3000 waren et, déi sech gemellt haten, esou datt an der Friemelegioun een extrat Regiment vun de „Volontaires Luxembourgeois" geschaf gouf.

Bekanntlech gouf d'Friemelegioun nët geschount, a gouf do agesat wou et an deene grousse Schluechte vum 1. Weltkrich am brenzlichste war. De Lëtzebuerger hire Courage an hir Bravourstécker goufe méi wi eng Kéier an engem "Ordre du jour" vun der franséischer Arméi citéiert.

2.500 vun hinne sin nët erëm komm !

Dat war ee grousse Prozentsatz vu Bluttaffer vu jonke Leit vun engem Land, deem seng Populatioun deemols knapp aus 300.000 Mënsche bestan huet.

Et war och dat Bluttaffer, wat d'Fransouse respektéiert hun a vill dozou bäigedroen huet, datt Frankräich an der "lëtzebuerger Fro" seng Meenong changéiert huet.

De 16. März 1919 sin déi ronn 500 Legionären, déi de Krich iwwerliewt haten, heemkomm a si mat hiren Offizéier feierlech vun der ganzer Populatioun an der Stad ëmpfaange gin.

Dat war erëm eng Geléenheet fir d'Géigner vun der Dynastie fir nees déck op d'Tromm ze schloën : Weeder den Haff, nach d'Regierung ware vum Festcomité fir den Empfank invitéiert.

Et goufen erëm Riede géint d'Dynastie a fir d'Republik gehalen an dat republikanescht Lëtzebuerg misst onbedéngt ënner d'Protectioun vu Frankräich gestallt gin.

Ma d'Feierlechkeete si schlussendlech an enger mächteger patriotescher Manifestatioun ausgeklongen, an d'Legionären hun herno zesumme mat dem Vollék déclaréiert: "Mir wëlle bleiwe wat mer sin" !

Et waren och d'Legionären, déi et fir richteg fonnt hun, eng Delegatioun op den Haff ze schécken fir d'Grande-Duchesse ze begréissen a fir sech bei der Regierung erëm zréck ze mellen.

Duerch eng national Souscriptioun goufe Suë gesammelt fir deene Legionären, déi nët nëmme fir Frankräich, ma och fir eis Fräiheet an Onofhängegkeet gefall sin, ee Monument opzeriichten.

Esou konnt ugangs vun deenen zwanziger Joeren de "Monument du Souvenir", am Volléksmond „d'Gëlle Fra“ genannt, op der Konstitutiounsplaz zu Lëtzebuerg am Kader vun engem nationale Fest feierlech ageweit gin.

<u>Bemierkung zu dësem Kapitel :</u>

*„La première loi de l'histoire est*
*de ne rien oser dire de faux,*
*la seconde d'oser dire tout ce qui est vrai.“*

Fir dëser Ausso, vum Cicéron Rechnung ze droën, huet den Auteur vum Aufsatz iwwert eis Geschicht gemengt, et wär richteg déi kritesch Zäit nom éischte Weltkrich an engem spezielle Kapitel ze beliichten fir äis all an Erënnerong ze ruffen, datt eis Onofhängegkeet an de Wochen a Méint nom 1. Weltkrich nëmme jhust un engem Fuedem Zwir hung !

© 2001 Léon Raths